LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

Luxembourg, le 25 AVR. 2017

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
25 AVR. 2017

Monsieur Fernand ETGEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
43, bd. F.-D. Roosevelt

L-2450 Luxembourg

Dossier suivi par:
Jérôme KRIER
☎247-84837

Ntr.réf.: 2017-2813-lettre-trans-RepMin_SCL-CHD_21-04-2017.doc/2017-JK

Concerne: **Question parlementaire n° 2813 du 7 mars 2017 posée par l'Honorable Député Gast GIBERYEN concernant l'ancien terrain d'ArcelorMittal à Dudelange.**

Monsieur le Ministre,

En réponse à votre courrier électronique du 8 mars 2017 en relation avec l'objet sous rubrique, j'ai l'honneur de vous transmettre en annexe à la présente la réponse du Ministre du Logement à ladite question parlementaire.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre au Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Le Ministre du Logement

Marc HANSEN

Tour Alcide de Gasperi
4, place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

Adresse postale :
L-2916 Luxembourg

Tél. (+352) 247-84812/84819
Fax (+352) 247-84840

www.logement.lu

Réponse du Ministre du Logement à la question parlementaire n°2813 du 7 mars 2017, posée par l'Honorable Député Gast Gibéryen concernant les friches industrielles reprises d'Arcelor Mittal.

Wat d'Froe vum Honorabelen Deputéierte Gibéryen am Kader vum ale Laminoir zu Diddeleng ugeet, esou erlaben ech mir op d'Äntwert op d'parlamentaresch Ufro N°2799 vum 24. Februar 2017 ze verweisen, déi gestallt gouf vun den Honorabelen Deputéierte Sylvie Andrich-Duval a Marc Lies.

Wat de Site zu **Woltz-Haargarten** betrefft, esou ass den Notairesakt den 13. Dezember 2016 tëschent dem Staat an Arcelor-Mittal ënnerschriwwe ginn. No enger verdéifter Analyse an Evaluatioun vun de Sanéierungskäschten ass de Verkafspräis vum symboleschen Euro festgehale ginn. Dëse Site ass just deelweis industriell genotzt ginn (5,5ha vu 7,7ha) an d'Sanéierung op Niveau "Logement" laut Arrêté ministeriell am Kader vun der Cessation d'activités (1/12/0412/A vum 21/12/2015) ass op 6,15 mio. EUR chiffréiert ginn. D'Verschmotzungen, déi haaptsächlech festgestallt gi sinn, ware Schwéiermetaller, Hydrocarburen an HAP. D'Realisatioun vun der Sanéierung gëtt iwwer Excavatioun gemaach.

Well d'Valeur vum Terrain déi selwecht war wéi d'Käschte vun der Sanéierung, huet d'Arcelor-Mittal den Terrain misse gratis cedéieren. Am Ganze kennen op dem Site ronn 35.000m2 fir Wunnengsbau realiséiert ginn, mat am Ganzen 200 Unitéite fir ronn 500 nei Awunner.

De Site vu **Péiteng** gëtt am Moment sanéiert an dat ënner der Responsabilitéit vun Arcelor-Mittal. De Präis fir dëse Site, sanéiert op Niveau "Logement" laut dem Arrêté ministeriell (1/10/0485 vum 31. Mäerz 2011), läit bei 8,5 mio. EUR. De gréissten Deel vun der Sanéierung sinn d'Demolitiounskäschten an en punktuellen, iwwerflächlechen Decapage op engem präzisen Deel vum Site. Et ass virgesinn, dass den Akt ënnerschriwwe gëtt, esoubal d'Sanéierungsaarbechten ofgeschloss sinn. Op dësem Site vu 5,5ha kenne ronn 28.000m2 Wunnengsbau realiséiert ginn, mat am Ganzen 210 Unitéite fir ronn 470 nei Awunner a ronn 16.600m2 Surfacë fir de Commerce.

De Site zu **Bieles** an der rue de l'Usine mat ronn 5,15ha ass ni exploitéiert ginn an et gëtt, laut Ëmweltverwaltung, op dem Terrain kee Risiko vun enger Verschmotzung. Dëse Site ass iwwer en Notairesakt den 21. Juli 2016 fir 5,25 mio. EUR vum Staat iwwerholl ginn.